Gemengeninfrastrukturen eng héich Prioritéit. Am Mäerz 2025 koom et am Schoulhaff zu engem Accident, bei deem e Kand sech d'Fangere gequetscht huet, well et Fangeren an d'Scharnéiere gestach huet an dono en anert Kand d'Paart opgemaacht huet. Et handelt sech um e bedauerlechen Accident a Virfall.

Den Accident ass der AAA, op Basis vun de gesetzleche Bestëmmungen, an der "Circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation de l'enseignement fondamental", gemellt ginn. No der Meldung vum Accident hu Gespécherer tëscht Schoul, Gemeng an den Elteren de 27.03., 28.03., 01.04. a 04.04. stattfonnt.

Et ass ze bemierken dat et sech um eng ganz normal Paart gehandelt huet, ouni technesch oder aner spezifesch Elementer. Sou eng Schoulpaart ass net vun engem „agreéierten“ Organismus oder der ITM ofzehuelen. E Rapport ass prinzipiell just ze maache wa Moosnamen ze ergräifen, oder Remarque respektiv Consigner ze maache sinn. Nom Virfall huet d'Gemeng d'Paart, pro forma, och demontéiere gelooss an duerch een Element ersetze gelooss, dat net méi opgeet.

En Accident vun dëser Aart hätt och an anere Situatiounen kënnen entstoen, zum Beispill un enger Klassendier oder Fënster. Et ass net ze vergiessen, dass d'Kand Fangeren a Scharnéier gestach huet an dunn, leider, een anert Kand, d'Paart opgemaach huet. D'Gemeng kann awer net all Dier oder Fënster ersetze loossen.

Et ass och nach ze bemierken, dass am Zesammenhang mat dësem Dossier eng Plainte déposiert gouf, déi vun de zoustännegen Autoritéiten iwwerpréift an als "sans suite" klasséiert gouf.

De Schäfferot huet och nach decidéiert, am Budget Mëttel virzegesinn, fir, pro forma, all kommunal Gebaier an Infrastrukture systematesch duerch eng extern Expertefirma iwwerpréiwen ze loossen.

Conseiller Van Luijk: Froen un de Gemengerot, Gemengerotssëtzung vum 25. November 2025

Här Buergermeeschter, dir Hären Schöffen, Kollegen aus dem Gemengerot.

Hei sinn meng Froen: Fro 1: Den 28. Januar 2025 gouf e Projet fir néng Sozialwunnengen am Bebauungsgebitt „Berdorf 1“ zu Consdorf op enger Aarbechtssëtzung dem Gemengerot presentéiert. D'Konventioun heifir gouf tëscht dem Proprietär an der Gemeng schon am Dezember 2021 ofgeschloss an am Januar 2021 vum Inneministère guttgeheesch.

Wou stin mer haut mat dem Projêt, sin do entretêmps konkret Planungen gemach gin?

© **Schäfferot:** Opgrond vun den aktuellen a prioritäre finanziellen Engagementer, besonnesch am Zesammenhang mam geplangten Schoulneibau, gesäit d'Gemeng därzäit keng Méiglechkeet, fir Wunnengen an dësem Dossier unzekafen oder eng kommunal Akafsprouedur anzeleeden.

Conseiller Van Luijk: Fro 2: Wou stinn mir mat der Planung bzw. Ausféierung vun dem neien Steeg am Mellerdall bei der Kallektuffquell?

Wéi eng Gemengen sin zoustänneg fir Planung an d'Ausféierung? Gëtt et en Zäitplang?

© **Schäfferot:** Den Dossier ass an der Phase vun der technesch Obarbechtung an der virbereedender Koordinatioun. D'Gemeng Konsdref ass, zesumme mat der Gemeng Waldbëlleg, Porteur de Projet, mat enger enker Zesummenaarbecht mat der ANF an deenen zoustännegen Ministèren. Déi interinstitutionell Ofklärung sinn nach amgaang. E gesécheren Zeitplang läit zum haitegen Datum net vir. D'Gemeng wäert Informatiounen publizéieren, soubal validéiert a konkret Elementer virleien.

Conseiller Van Luijk: Fro 3: Gett et eng „Zukunftsvisioun“ iwwert de Moment wou d'Kierch eng Kéier vun der Gemeng géif iwwerholl gin? Ech denken do speziell un de fait dass d'Kierch schon ee puer Joer net méi kann gehetzt gin. Et wier jo wichteg, dass mer onbedengt geifen eng ähnlech Situation wéi mam Lauer Haus vermeiden. Gett et z.B. ee Kontakt / Gespécher mam OSBC fir eng gudd Léisung (kéint d'Gemeng dem OSBC eventuell „Fernwärme“ verkaafen, fir dass d'Kierch kéint gehetzt gin an net dem Verfall/Schimmel etc. ausgesaat wier)?

© **Schäfferot:** D'Gemeng ass net Proprietär vun der Kierch zu Consdorf. An der aktueller Besëtz- a Verantwortungskonstellatioun gëtt et keng kommunal Planung an dësem Dossier.

Conseillère Jeitz: Fro 1: Méng ischt Fro betrëfft den SIGRE.

Verschidden Ménagen hunn nach die kléng blo Panieeën fir den Pabeier, an die kléng gréng fir d,Glas, die Eco-Backen.

Dësst ass nët mi gär gesinn vum Sigre, mol ischtens gëtt den Pabeier an d'Glas naas, an dodurech vill mi schwier, an ët ass éng Belastung fir die Persounen die se mussen eddel machen. Et ass esou, dass die Soumissioun nach bis Enn 2026 leeft, ab dem 01.01.2027 muss all Ménage die grous Backen hun.

- Wini wöll Dir t'Populatioun informéieren fir den Echange ze machen?
- Ginn mir nach der klénger Eco- Backen eraus?
- Ass ët virgesinn fir éng Sensibiliséierungskampagne ze machen?
- Kann ech den Communiqué vum September kréien wou vum Sigre un d' Gemengen gangen ass?

© **Schäfferot:** D'Gemeng Konsdref huet säit 2018 keng kleng Ecobacken, also déi al blo a gréng Kierf, méi ausgedeelt. D'Realitéit ass also: De grousse Deel vun eise Stéit (ca. 75 %) benotzt dës Behälter scho laang net méi, an dofir besteet och keen „akuten Handlungsbedarf“, wéi et an denger Fro suggeréiert gëtt. Bei de reschtliche Stéit ass och net kloer, ob dës Kierf iwwerhaapt nach existéieren oder benotzt ginn.

Am Januar 2026 geet en offiziellen Informatiounsbrëif un all Menage, am Kader vum neie Chip-System fir d'Poubellen. An deem Kontext gëtt d'Populatioun fristgerecht informéiert, datt

ab dem 01.01.2027 keng Ecobacken méi eidel gemaach ginn. D'Ecobacken, déi aktuell nach am Besëtz vun de Stéit sinn, dierfen dobäi behale ginn an ënnerleien kenger Austauschpflicht. De Systemwissel betrëfft ausschliisslech d'Ersetzung vun de bis elo benotzte Ecobacken duerch standardiséiert Poubellen. Stéit, déi bis zu deem Zäitpunkt nach net mat enger Poubelle équipéiert sinn, ginn ausdrécklech opgefuerdert, sech mat der Gemeng a Verbindung ze setzen, fir d'Ëmstellung op dat neit System ze organiséieren. Et gëtt also kee Potential fir Verspéidungen esou wéi deng Fro dat ënnerstellt.

Eng Sensibiliséierungscampagne gëtt zu deem Zäitpunkt lancéiert, wann dat neit Offallreglement validéiert ass. Dat ass gesetzech an administrativ déi korrekt Prozedur. Eng Campagne „op Verdacht“ oder „virzäiteg“ – wéi et an denge Froen implizéiert gëtt – wier onseriö, net konform a géif just fir Duerchernee suergen.

Bezüglech denger Demande fir een Dokument stellt sech d'Fro op wat fir ee Communiqué vum SIGRE, dass du dech hei beriffs? Wann et do eppes gëtt, da reeche mir dir dat gären no.

D'Fro, wéi se gestallt gouf, enthält méifach onpräzis, iwverdrifwen oder falsch Prämissen, déi mir hei musse richtegstellen. Et ass net un der Gemeng, Feeler an denge Prämissen ze iwverhuelen. D'Gemeng handelt fristgerecht, korrekt, reegelkonform a mat engem kloer definéierte Plang, den elo nach eemol transparent erkläert gouf. Mir erwaarden, datt zukünfteg Froen objektiv formuléiert ginn – ouni suggestiv Elementer, ouni Dramatiséierungen an ouni politesch Fierwung, déi fir d'Saach net hëllefriich ass.

Conseillère Jeitz: Fro 2 :Die nei Schoul.

Mir hunn bei der lëster Arbechssitzung alt nees en neien Plang vun iiser neier Schoul gewissen kritt. Et gëtt kéng Schoul wie geplangt, fir éng Génératioun, fir 30 Jähr. Den wivillten Plang wär dat do elo? Wéi een Montant hunn mir bis elo schons ausginn nëmmen fir Pläng?

Wivill Säll sinn suppriméiert ginn, dés le départ bis elo bei den lësten Plang, den mir présentéiert kritt hunn?

An der Crèche hunn mir Platz fir 27 Kanner, et mussen elo schons regelméisseg Refusën ausgedeelet ginn, well ët nët duer geht.

Bei der lëster Versioun sinn och just 27 Plätzen an der Crèche. Et gëtt gebaut an ët kommen nei jonk Familljen bäi, die normalerweis och Kanner kréien. Ech sinn der Meenung dass all Frau soll d'Méiglechkeet hunn an kréien fir Schaffen ze goen, wann Sie kann an dat wöll.

Déi Fraen sollen hei an iiser Gemeng d'Méiglechkeet hunn fir Hir Kanner versuergt ze kréien, die Stonnen wou Sie énger Arbecht noginn!

Mat dëser Kapazitéit kënnen mir dat nët garantéieren. Bleift ët bei denen 27 Crèchen- Plätzen? Et sinn schons vill Schoulen gebaut ginn die schuns no 10 Jähr ze kléng wäeren, an esou geht et iis och elo.

ler ech elo nees Onwouerechten héieren, den lësten Schäfferot wär bei éngem Montant fir iis Schoul vun 41 Milliounen.

Dono sollten d'Négociatiounen an Ofstrécher gemach ginn.

® **Schäfferot:** Datt hei mat grouse Wieder an engem dramatiséierte Bild vun enger angeblech "chaotescher" Planung operéiert gëtt, ass net nei. Et ass och net richtig. Et gouf keng Serie vu "neie Schoulen", mee normal technesch Adaptatiounen, déi entstinn, wann een e Projet op de Buedem vun de Fakten a net op politesch Effekter opbaut. D'Realitéit entsprécht net dem Bild, dat an der Fro gezechent gëtt.

D'Fro, wéi vill fir d'Pläng ausgi gouf, ass nëmmen da seriéis, wann ee gläichzäiteg unerkent, firwat dës Pläng iwverhaapt net hätten dierfen an deem Format virgeluecht ginn. D'APS vum Abrëll 2024 mat engem Gesamtmontant vun 62.278.002 € war e kloert Signal: Déi fréier Projete ware finanziell komplett un der Realitéit vun eiser Gemeng laanscht geplangt. Dat ass net eng Interpretatioun vum Schäfferot – dat ass d'Bestätegung vum Inneministère, den eis maximal Kreditopnahmecapacitéit mat ronn 30 Mio € festgeluecht huet.

Et stellt sech also éischer d'Fro, firwat Variante virgeluecht goufen, déi ni autoriséierbar gewiescht wieren – an net, firwat de Schäfferot dës Varianten net weider verfollegt huet. Mir hu missen iwverhuelen, wat an der Vergaangenheet net konsequent op Realisatioun ausgerichtet war. E Projet, dee schonn um Pabeier iwverdimensionéiert ass, kann net um Terrain entstoen.

Wat d'Behauptung ugeet, et wieren "Säll suppriméiert ginn": Dëst ass eng vun deene Formuléierungen, déi gutt kléngen, mee mat de Fakten näischt ze dinn hunn. Et goufen net pädagogesch essentiel Raim gestrach, mee Disproportiounen ausgeraumt, déi mat eiser demographescher Entwécklung näischt ze dinn haben. Eng Schoul fir déi nächst 30 Joer "auf Vorrat" ze bauen, wéi et heiansdo an de Bemierkungen duerchkléngt, wier net Wäitsicht – mee Finanzroulette.

D'Crèche gëtt an der Fro och falsch duergestallt. Déi 27 Plazen existéieren schonns haut. Et handelt sech also net ëm eng nei Restriktioun, mee ëm d'Bäibehale vun enger funktionéierender Struktur. Zousätzlech ass am PAP Haenricht eng privat Crèche virgesinn, wat an der Fro ignoréiert gëtt, obwuel et ee vun de wichtigste Planungsfakten ass. D'Virwërf vun engem "Mangel" baséieren dofir net op der Situatioun, mee op engem Narrativ, dat näischt mat de reelle Strukturen vun der Gemeng ze dinn huet.

Elo zu dem Kär: De Schäfferot baut net eng fantastesch an illusoresch Iddi vun enger Schoul vun dir, déi am Endeffekt net autoriséiert gëtt. Mir bauen déi eenzeg realistesch, geneemegungsfäeg a finanzéierbar Schoul, déi d'Gemeng net iwver d'Existenzlimit bréngt.

D'Zäite vu Projete fir d'Galerie, déi um Terrain ni hätten dierfe realiséiert ginn, sinn eriwwer.

Wann hei vun "30 Joer" geschwat gëtt, wëlle mir éierlech sinn: D'Realitéit ass, datt eng Gemeng wéi Konsdref net eng

60-Millionen-Schoul op Reserve baut. Mee eng modern, modulär an nohalteg Struktur, déi erweiterbar ass, wann d'Demographie et erfuerdert. Net virdrun. Net op Verdacht. Net op Käschte vun der finanzieller Zukunft vun der Gemeng. Mir féieren d'Dossieren net mat Pathos, mee mat Verantwortung. Mir bauen net fir eng Iddi – mir baue fir d'Kanner, an dat bannent de finanzielle Grenzen, déi d'Gesetz an d'Realitéit eis ginn. An dat ass de wichtigste Ënnerscheid tëscht engem plakege Plang op Pabeier an engem Projet, deen am Terrain tatsächlech entsteet.

Dës Ausso léisst leider drop schléissen, datt weder aus fréieren Erfarungen geléiert gouf, nach d'Bereitschaft besteet, sech mat der aktueller Réalitéit auserneezen. Mir bedauern, datt nach ëmmer un enger Virstellung festgehalé gëtt, déi mat de reelle Gegebenheete net iwwereneestëmmt.

Conseillère Jeitz: Fro 3: Personal

Mir hunn alt nees éng Persoun die iis Gemeng verlisst, éng Persoun die éng wonnerbär Arbecht fir d'Gemeng Konsdref hei geleest huet, en Team-Player. Dat ass elo schons die 2. Persoun aus der Administratioun die vun iis fort geht, an dat brécht mir t'Häerz!

Mir falen hapsächlech durch Publikatiounen ob, well mer regelméisseg Personal sichen, mir hunn keen gudden Image mi dobaussen!

Huet den Schäfferot wëlles an Zukunft sech ëm iis Personal ze këmmere an Hir Arbecht ze appréciéieren?

Et ginn Kuren offéiert fir Personalmanagement. Wir dat éng Optioun fir Ech 3?

© **Schäfferot:** D'Ënnerstellung, d'Gemeng géif Personal verléiere wéinst engem schlechte Klima oder engem Manktem u Wäertschätzung, entsprécht net de Fakten. Dofir wëlle mir d'Situatioun kloer stellen. Déi éischt Persoun, déi d'Gemeng verlooss huet, ass – wéi si eis schrëftlech matgedeelt huet – mat schwéieren Häerz an hir Heemechtsgemeng zeréckgaangen. Dat war eng perséinlech Entscheedung a keng Bewäertung vun der Gemeng als Employeur; de Bréif war fir all Member vum Gemengerot accessibel. Déi zweet Demissioun huet genee déi selwecht Natur: eng privat a familiär Entscheedung an d'Heemechtsgemeng zeréckzegoen, mat der kloer ausgedréckter Bemierkung, datt si ongär fortgeet. Et ass also net korrekt, aus zwee individuellen a verständleche Liewensentscheedungen eng strukturell Kris an der Gemeng ze konstruieren.

D'Formuléierung an der Fro, déi mat engem dramatiséierenden Toun oprëtt, reflektéiert net déi reell Situatioun. De Fakt bleift: et gëtt keen Indice, datt dës Entscheedung mat der Gemeng als Aarbechtsplaz ze dinn hunn. Och d'Behauptung, d'Gemeng hätt „keen Image méi dobaussen“, gëtt vun der Réalitéit konterkaréiert. Op déi aktuell Ausschreiwung hu mir iwwer 60 héichqualitativ Kandidaturen erhalen, dorënner och Proposen vun eisem eegene Personal.

Eng Gemeng mat engem schlechte Renommée kritt esou eng Demande net.

Et ass och bemierkenswäert, datt d'Kritik un der Personalpolitik aus engem Eck kënn, deen an der Vergaangenheet

selwer d'Méiglechkeet hat, Struktur, Moderniséierung an Ekippegescht nohalteg ze stäerken. An där Zäit gouf awer weder eng systematesch Personalstrategie opgebaut nach eng kohärent Entwécklung ageleet.

Eng seriö Reflexioun misst dofir och d'Fro mat abezéien, wéi sech d'Personalentwécklung während dëser Amtszäit konkret duergestallt huet an aus wéi enge Grënn et deemools zu personelle Verännerunge komm ass.

Et ass legitim, Froen ze stellen; mee et bleift wéineg kohärent, haut héich Exigenzen un eng Personalpolitik ze formuléieren, déi an der eegener Verantwortung net ëmgesat gouf.

De Schäfferot steet voll zu sengem Personal a wäert och an Zukunft eng professionell, respektvoll a modern orientéiert Personalpolitik féieren. Mir ënnerstëtze Moossnamen zur Qualifikatioun an zur Entwécklung vun der Verwaltung – net well et an enger Fro gefuerdert gëtt, mee well et eis Grondastellung ass. Fir politesch Interpretatiounen, déi mat de Fakten net iwwereneestëmme oder déi eng onnéideg Dramatiséierung sichen, steet de Schäfferot net zur Verfügung.

Conseillère Jeitz: Fro 4 : Hei dann nach méng Froen die ech am lësten Consei vum 18.09.25. nët hun dirfen stellen. Ech hun beim Intérieur intervenéiert, dat ass nët ok, éngem Froen ze verbidden. Dat huet och, Marco Bermes näischt mam ROI ze doen.

Wann ech die Froen hei nët dir stellen, dann ginn ech nees éng Etapp mi weit!

Firwat huet den Schäfferot den Conseil, nom Buergermeisterdag den dëst Jähr, den 5. ten Juni wär, nach eenmol fir en Eesen invitéiert, dëst den 13.ten Juni, ob t'Reilender Millen. Firwat nach eenmol éng Sortie zesummen, an firwat nët hei an iiser Gemeng. Mir hunn jo och nach Gott sei Dank 5 Restaurateuren.

Ech sinn der Meenung dass mer iisen Steierzueler sollen ëppes ze verdéngen ginn.

Wen huet déi Sortie bezuelt?

© **Schäfferot:** D'Suggestioun, et géif hei ëm „verbuede Froen“ oder eng Verletzung vum ROI goen, weist éischter op eng falsch Interpretatioun vum Reglement hi wéi op eng reell Behënnerung vun der Debatt. Den ROI ass kloer an definéiert, a jiddwereen, deen en applizéiert, weess och, datt Froen an der richteger Form a fristgerecht missten agereecht ginn. Dat ass kee Verbuet, mee d'Basis vu seriëser Gemengepolitik. D'Invocatioun vum Inneministère ännert dorunner näischt; et huet nëmme de falschen Androck, datt hei eng Onrechtméissegkeet virleie géing, wat net de Fall ass.

Wat d'Sortie vum 13. Juni ugeet: D'Iddi fir no der traditioneller Gemengefeier eng kleng, zousätzlech Danksagungs-Entrevue mam ganze Gemengerot ze organiséieren, ass am Gemengerot selwer entstanen. De Schäfferot huet dës Iddi opgegraff, well et als normal ugesi gëtt, datt de gemeinsamen Engagement vum Conseil iwwert dat ganz Joer och ausserhalb vun enger formeller Sëtzung unerkannt gëtt. Anescht ausgedréckt: Et war

eng einfach, kollegial a ganz legitim Form vu Wäertschätzung – net déi politesch Konstruktioon, déi an der Fro duergestallt gëtt.

D’Kritik, d’lesse wier net am Duerf gemaach ginn an doduerch géife mir „eise Steierzueler näischt zeréckginn“, ass eng vun deene vereinfachenden Usätz, déi sachlech net droen.

D’Reiländer Millen ass net nëmme Symbol vun eiser Regioun, mee gëtt och vu Leit exploitéiert, déi an eiser Gemeng wunnen. Et handelt sech also ëm ee Betrib mat engem kloeren lokalen Besuch.

De Schäfferot huet sech dobäi un etabléierte Praktike orientéiert an handelt an der institutioneller Kontinuitéit vun der viregter Gemengeféierung.

Doraus eng politesch Geschicht ze maachen, geet un de Fakte laanscht. De Schäfferot huet a ville Fäll mat eise Restaurateuren an der Gemeng geschafft an et gëtt kee Grond, un där Praxis a Fro ze stellen.

Wat d’Käschten ugeet: Dëst lesse gouf vun der Gemeng bezuelt, an zwar am selwechte gesetleche Kader wéi aner traditionell oder funktionell Aktivitéiten, déi de Gemengerot betreffen. Et gouf kee spezielle Budget iwwerschratt an näischt „verdeckt“ oder „Illegales“ gemaach. D’Fro, wéi se gestallt gouf, suggeréiert eng Irregularitéit, déi et net gëtt.

Ofschléissend: Et ass wichteg, dass politesch Froen net an eng Richtung dréinen, déi kollegial Zesummenaarbecht als Problem duerstellt an normal administrativ Prozesser als Ausnam.

De Schäfferot huet transparent gehandelt, d’Fakte leien um Dësch, an et gëtt kee Grond, en einfachen, legitimen an transparente Geste vu Wäertschätzung zu enger politescher Affär ze stiliséieren.

Conseillère Jeitz: Fro 5: Die lëst Jähren haten mir fir iis ganz Personal 1 x am Mond éng Réunioun mam Sekretär, wou jiddwereen gebrieft ginn ass, iwwer dat wat an der Gemeng um Lafen ass. Dat wär gudd fir den Zesammenhalt, fir t’Zougehéiregkeetsgefill, an den Ekippengeescht ze stäerken an ze fördern.

Ech muss leider feststellen, dass ët dëss Réunionen nët mi gëtt, an ech muss leider feststellen, dass iis Personal sech manner wuehl fillt, an nët mi esou zefridden ass wie dat ëmmer wär.

Sinn an Zukunft esou Réunionen virgesinn?

Een Beispill: Nationalfeierdag wären just en puer Persounen vun iisem Personal présent (anscheinend 3), wou nach een den Uerder hat fir Fotoen ze machen. Dat ass keen gudd Zeechen. Dat wär fréiher aneschtens.

Dir hutt hinnen vun Ufank un Aer méconiance gewissen.

Ech hoffen dass mir nët die nächst Gemeng sinn wou t’Personal ob d’Barrikaden geht. Wat geseit den Schäfferot fir, fir die Confiance vun iisem Personal nees erëm ze kréien?

® **Schäfferot:** D’Behauptung, d’Personal hätt sech an de leschte Méint „net méi wuel gefillt“ an et géif eng allgemeng Onzefriddenheet ginn, steet a kengem Verhältnis zu de konkrete Réckmeldungen, déi dem Schäfferot virleien. Et ass wichteg, hei net mat generellen Andréck oder emotionaliséierte Vergläicher ze schaffen, mee mat Fakten. Och ass et net konstruktiv, aus der Präsenz vu puer Leit op engem eenzelt Event wéi Nationalfeierdag e strukturelle Problem ofzeleeden. D’Participatioun un esou Evenementer variéiert all Joer – an dat aus ganz individuellen, heefeg och ganz banale Grënn.

D’Fro suggeréiert, de Schäfferot hätt „vun Ufank u Mësstraue gewisen“. Dat entsprécht net der Realitéit. Eis Zesummenaarbecht mam Personal baséiert op kloer definéierte Responsabilitéiten, Transparenz an engem modernen Approche vu Gestioon. Et ass dobäi normal, datt an enger Iwwergangsphas mat neie Strukturen a neie Leit – ënner anerem engem neie Sekretär – d’Organisatioun sech nei sortéiert. Dat ass en normale Prozess, keng Kris, a sécherlech kee Grond, d’Bild vun enger Verwaltung „op de Barrikaden“ ze molen.

Wat d’Reuniounen betrëfft: Jo, esou Reuniounen wäerten erëm agefouert ginn. Mee et ass gläich wichteg ze soen, datt dës Zort Reuniounen net als Symbolpolitik dierfe geholl ginn. Eng eenzeg monatlech Sëtzung ass nach keen Indikator fir eng gesond Personalpolitik, grad esou wéineg wéi hiert Aussetzen eng Kris bedeit. D’Personal gëtt net iwwer e Meeting definéiert, mee iwwer de Respekt, d’Kommunikatioun an d’Kloerheet an der deeglecher Aarbecht.

D’Suggestioun, d’Personal géif sech haut „manner wuel“ fillen, klängt kloer politesch a steet an engem oppene Widderspruch zu de villen exzellente Kandidaturen, déi mir bei rezenten Ausschreiwungen erhalen hunn. Eng Verwaltung mat engem schlechte Klima a Manktem u Vertrauen zitt net iwwer 60 héichqualitativ Kandidaturen un. Dëst weist däitlech, datt de Ruff vun der Gemeng als Employeur stabil a positiv ass.

De Schäfferot schafft mat engem kloer Mandat: e modernen Aarbechtskader, eng respektvoll Zesummenaarbecht an eng konsequent Professionaliséierung ze garantéieren. Mir sinn an engem Prozess vu Moderniséierung, net an engem Konfliktszenario. An där Aarbecht setze mir op Fakten, op Dialog an op Zesammenhalt – net op dramatiséiert Biller oder Vergläicher mat anere Gemengen, fir déi et hei keng Basis gëtt.

Mir wäerten och an Zukunft strukturell Moosnamen huelen, fir eng staark, vertrauensvoll a funktionell Personalstruktur ze garantéieren. De Schäfferot léisst sech dobäi net vu politescher Alarmrhetorik leeden, mee vun der Verantwortung fir eng Gemeng, déi roueg, professionell a mat Respekt viru sengem Personal geféiert gëtt.

Questions écrites au collège des bourgmestre et échevins lors de la séance du conseil communal

Conseillère Jeitz: Hei méng Froen fir den Conseil vum 10. 02.2026

Fro 1: Et wär congé collectif am Bau vum 20/12/2025 bis den 07/01/26. Inclus. Ob iisem Chantier an der Echternacher Strooss ass dunn näischt gelaf.

Firwat ass déi Strooss dunn nët fir iis Geschäftslett, an natirlech och all die aner, obgemach ginn?

Die Deeg virun den Feierdeeg ass eng wichteg Zeit fir iis Betreiber, fir en bëssen Recetten ze machen. Et muss een Verkéiers- Règlement obgehuewen ginn, an dono nees en neit agesat ginn, mi ass ët nët!

® **Schäfferot:** Et ass korrekt, datt et an der Baubranche e Congé collectif gouf, an datt an där Period um Chantier keng Aarbechte gelaf sinn. De Chantier en tant que tel ass awer net ofgeschloss, an d'Aarbechte sënn no de Feierdeeg normal erëm weidergaangen.

D'Späre vun der Strooss baséiert op engem formell validéierte Verkéiersreglement, dat fir eng méi laang Dauer ausgeschafft gouf. Esou Reglementer kënnen net no Opportunitéit oder Gefill fir e puer Deeg op- an zougemaach ginn, well dat: administrativ net haltbar ass, eng nei Signalisatioun an Ofsécherung verlaangt, a virun allem Sécherheetsrisike mat sech bréngt.

Sécherheet ass an dësem Kontext e fundamentaalt Argument. D'Verkéiersdeviatioun war zu deem Zäitpunkt agefouert, d'Bierger haten sech doru gewinnt, an et huet sech gewisen, datt den Ëmwee kee signifikanten Zäitverloscht verursaacht huet. Eng kuerzfristeg Ännerung hätt dës Gewunnecht duerchbrach an nei Onkloerheeten an de Verkéier bruecht.

Dat gëllt och fir den ëffentlechen Transport: d'CFL-Busser waren op déi nei Situatioun agestellt, a grad an esou Systemer bréngt kuerzfristeg Ëmstellungen oft méi Problemer wéi Léisungen.

Et ass an deem Kontext och feststellen, datt een temporär Opmaache vun e puer Deeg oder zwou Woche kee realistesch an nohaltegen Impakt op d'wirtschaftlech Situatioun vun de Betreiber gehat hätt. De Schäfferot mécht keng Symbolpolitik op Käschte vun der Sécherheet, der Kohärenz an der Verantwortung.

D'Decisioun, de Sens unique bäizebehalen, war deemno sachlech, responsabel a konsequent.

Conseillère Jeitz: Fro 2: Den 30. Januar vun dësem Jähr wär t' Personalfeier vun iiser Gemeng.

Dëss Feier wär nët bei éngem Restaurateur vun iiser Gemeng, alt nees, firwat gëtt hei nët mat iisen Berieber geschafft? Die Zeit wou ech am Schäfferot wär, sinn mir eenmol fir iis Personalfeier auswärts eesen gangen, dat, well ët zu dem Zeitpunkt keen aner Lokal ginn ass fir déi Zuel vun Persounen.

Die 5 Restaurateuren die mir hunn, sinn gären gewillt och obzemachen, wann Sie hiren Rouhdaag hunn. Et muss een just froen!

® **Schäfferot:** D'Personalfeier vum 30. Januar 2026 ass net bei engem Restaurateur aus der Gemeng ofgehele ginn. Dës Decisioun hat praktesch an organisatoresch Grënn, besonnesch wat d'Kapazität, d'Disponibilitéit an de konkrete Format vun der Feier ugeet.

Den Evenement war aus Siicht vum Personal a vun der Organisatioun e grouse Succès. D'Zil vun enger gelongener a wäertschätzender Feier fir d'Gemengepersonal ass also vollstänneg erreecht ginn.

Zousätzlech ass feststellen, datt während der Legislaturperiod wou s du Buergermeeschtesch wars, dee selwechte Restaurateur, souwéi och aner Betriber – aus an och net aus der Gemeng – reegelméisseg de Catering am Centre Kuerzwinkel assuréiert hunn. Et gouf deemno och deemools kee strikte Prinzip, all Evenement obligatoresch an der Gemeng oder exklusiv bei lokale Restaurateuren ze organiséieren.

De Schäfferot ënnerstëtzt d'lokaal Gewerbe a schafft reegelméisseg mat de Restaurateuren an de Geschäfte aus der Gemeng zesammen – dat net punktuell, mee iwwer d'ganzt Joer a bei ville Geleechenheiten. Kee Betrib gëtt vergiess oder ignoréiert, mee et besteet och keng Automatismus, datt all intern Evenement obligatoresch bei engem lokale Restaurateur ofgehele muss ginn.

Conseillère Jeitz: Fro 3: Mir hunn all an der Zeitung gelies dass die Oraganisatioun vum Kolping obhält mat séngem Ansammlen vun aalem Gezai an Kleeder.

Dëst muss an Zukunft och finanziell vun den Gemengen gedroen ginn.

Wat huet den Schäfferot an dësem Sujet virgesinn.

® **Schäfferot:** D'Ophale vun der Kleeder- a Textilsammlung duerch Kolping ass kee Choix vun der Gemeng, mee d'Suite vun enger Marchéskris am internationalen Textilrecycling, bei der d'Käschte fir Collecte a Zortéierung net méi duerch de Verkauf gedeckt ginn.

Den SIGRE huet proposéiert, datt d'Sammlung an Zukunft vu CoLabor a Forum pour l'emploi weidergefouert gëtt, mat enger finanzieller Participatioun vun de Gemengen:

An der Gemeng Konsdref steet aktuell een eenzege Container, an zousätzlech besteet scho laang d'Alternativ vum Recyclingzenter zu Jonglënster.

De Schäfferot evaluéiert aktuell, ob d'Käschten am Verhältnes zum effektiven Notze stinn. Et gëtt keng Automatismus, datt d'Gemeng all externen Offallservice onofhängeg vun de Käschten iwwerhëlt. Eng Entscheidung gëtt erëischt getraff, wann d'Analysen ofgeschloss ass.